



Pressecommuniqué (24. August 2021) vun der DP Echternach

Mady Schaffner (†)

E Liewen am Zeeche vun der Stad Echternach a vum Scoutissem

En Dënschdeg ass d'lechternacher Éierebuergermeeschtesch Mady Schaffner am Alter vu 86 Joer gestuerwen.

D'Mady Schaffner ass 1934 als Kand vun der Berthe Barblé a vum spéidere Resistenzler, DP-Minister, Deputéierten a Buergermeeschter Robert Schaffner op d'Welt komm. Och hire Grousspapp Mathias Schaffner war Buergermeeschter vun Iechternach.

Der Mady Schaffner hier Kandheet war gepräagt duerch d'Wéien an d'Nowéie vum Krich, mee gläichzäiteg huet si scho fréi hier Passioun erkannt, fir sech fir hier Matmënschen anzesetzen. No der Primärschoul huet si hier Première am Meedercherslycée um Lampertsbiërg gemaach an huet dono zu Bréissel an an der Haushaltungsschoul zu Ettelbréck Haushaltungsléierin studéiert. Déi Verstuerwen huet am Ufank vun hirer beruflecher Carrière a verschiddene Primärschoulen ersat an huet du bis 1988 am lechternacher *Enseignement complémentaire* geschafft.

D'Mady Schaffner war Mamm vun enger Duechter, huet dräi Enkelkanner an hat och d'Chance hier sechs Urenkele kennen ze léieren.

D'Mady Schaffner war vun 1988 bis 1998 fir d'DP am Gemengerot. 1994 ass si als éischte Fra als Buergermeeschtesch vun Iechternach vereedegt ginn. Si huet véier Joer laang d'Geschécker vun der Abteistad geleet.

Als Buergermeeschtesch huet Mady Schaffner wichteg Projeten ëmgesat oder an d'Wee geleet: Ë.a. d'Viirarbechte fir de Bau vum Kultur- an Tourismuszentrum am Paatregebei, eng nei Schoulinfrastruktur, d'Renovéierung vum Spidol an d'Schafe vun enger regionaler Industriezon.

D'Mady Schaffner war awer och zäitliewes eng „Lussig Quaichléck“ an de Scouten a Guidë vun der AGGL. Spéider war si an der FNEL engagéiert. Si huet d'Prinzipie vun dësem Jugendmouvement gelieft an och u vill Jonker weiderginn. Hiere sozialen Engagement am Groussen ewéi am Klénge war virbildlech.

Mam Mady Schaffner verléiert lechternach eng verdéngschtvoll Politikerin an een häerzengudde Mënsch.

D'DP Eechternoach dréckt der Famill an de Frënn vun der Verstuerwener hiert éierlecht Bäileed aus.